LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1034 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Béid Rieden, déi d'Directrice am Kader vun den Diplomiwwerreechungen am LTPES gehalen huet, sinn um Internet-Site vum LTPES ze fannen a kënnen do an hirer Integralitéit nogelies ginn (L.T.P.E.S. - Félicitations aux diplômé·es du LTPES 2024 !).

**Ad 2)**

Déi politesch Neutralitéit, där sech all Beamten an och eis Schoule verpflichten, fënnt hir Limitten an eiser Verfassung an och an de Mënscherechter. Eis ëffentlech Schoul däerf net neutral si par rapport zu de Feinde vun eise fräiheetlech demokratesche Grondwäerter, also och net par rapport zu rietsextreemen oder rietspopulistesche Gedanken. Wien sech bewosst géint eis Verfassung a géint déi allgemeng Mënscherechter stellt, kann déi Neutralitéit, déi den honorabelen Deputéierten zitéiert, net akloen. D'Schüler sollen an der Schoul zur Toleranz erzu ginn. Domadder kann awer net d'Toleranz géigeniwwer der Intoleranz gemengt sinn. An deem Sënn ass et absolut zoulässeg, jo souguer wënschenswäert, datt sech d'Schoule géint Rietsextremismus a Rietspopulismus engagéieren.

Dëst war an aller Kloerheet och schonn d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 983 an där ech mech besuergt gewisen hunn, datt dëst keng Selbstverständlechkeet méi wier. D'Réckfro vum honorabelen Deputéierte bestäerkt mech just nach an dëser Suerg.

Lëtzebuerg, de 24. Juli 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH